

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 6. September 2022

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Häre Staatsminister a Bausseminister weiderzeleeden.

Virun e puer Deeg huet zu Moskau d'Trauerfeier fir de fréiere Generalsekretär vun der sowjetescher Kommunistescher Partei a Friddensnobelpräisträger Michail Gorbatschow stattfonnt. Am Ënnerscheid zu fréiere russesche Staatsmänner krut de Gorbatschow kee Staatsbegriefnes. Auslännesch Staats- a Regierungscheffe goufe vu russescher Säit net offiziell agelueden. Vill westlech Staate ware just mat hirem Ambassadeur vetrueden. Den ungarische Premierminister wor awer perséinlech op Moskau.

An Däitschland, dat dem Michail Gorbatschow am Zesammenhank mat der däitscher Reunificatioun vill ze verdanken huet, hongen d'Fändele virum Kanzleramt op Halbmast. De Bundestag wäert de 7. September 2022, a Presenz vum Bundespräsident, dem Verstuerwene gedenken.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un d'Regierung:

- 1) Kann d'Regierung präzisieren, ob Lëtzebuerg bei der Trauerfeier fir de Michail Gorbatschow vertruede war? Wa jo, ween huet Lëtzebuerg bei dëser Trauerfeier vetrueden? A wéi enger Form huet déi Lëtzebuenger Regierung der Russescher Federatioun hir Kondolenzten ausgedréckt?
- 2) Wéi wëll Lëtzebuerg un déi grouss Verdéngschter vun dem verstuerwene Staatsmann erënneren? Huet d'Regierung een offizielle Communiqué zum Doud vum Michail Gorbatschow publiziert? Wann nee, firwat ass dat net gemaach ginn?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser, Deputéierten

